(par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

A mir kéinten zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 5377, eng Unesco-Konventioun iwwer Kulturgidder. D'Riedezäit ass nom Basismodell geregelt. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, déi honorabel Madame Taina Bofferding. Dir hutt d'Wuert.

3. 5377 - Projet de loi portant approbation de la Convention concernant les mesures à prendre pour interdire et empêcher l'importation, l'exportation et le transfert de propriété illicites des biens culturels, adoptée par la Conférence générale de l'Unesco à sa seizième session, à Paris, le 14 novembre 1970

Rapport de la Commission de la Culture

Mme Taina Bofferding *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Projet de loi 5377 geet et ëm d'Unerkennung vun der Unesco-Konventioun, déi den internationale Kulturgiddertransfert regelt a besonnesch dem Mëssbrauch am internationalen Handel mat de Bien-culturellë soll entgéinttrieden. Ech versichen dann elo kuerz, Iech ze erklären, wat déi Konventioun ass a firwat et wichteg ass, dass Lëtzebuerg se ratifizéiert.

Allgemeng ass festzestellen, dass de weltwäiten Handel mat de Bien-culturellen an de leschte Jorzéngten zougeholl huet. Experte ginn dovunner aus, dass den illegale Konschthandel hautdesdaags mam Drogen- a Waffenhandel un der Spëtzt vum onrechtméissegen Handel steet.

Dësen illegale Kulturgiddertransfert fügt dem Patrimoine culturel schwéier an oft irreversibel Schied zou. Vill Géigenden, déi räich u Kulturgidder sinn, leiden u Plünderunge vun Tempelen, vu Griewer a vun archeologesche Stied. Konkret Beispiller fannt Der och am schréftleche Rapport. Fir munch Regiounen huet dëse Mechanismus zu kulturelle Katastrophe gefouert a si gesi sech haut zu engem groussen Deel hirer kultureller Identitéit an dem kulturellen Ierwe vun der Mënschheet beraubt.

Am Zentrum steet d'Lutte géint de Vol, d'Ausgruewungen an den illegalen Import an Export vun de Kulturgidder. D'Moossnamen an dëser Konventioun bezéie sech op de Schutz vu souwuel den eegene wéi och den illegal importéierte Kulturgidder a si bezéie sech och op hir Réckféierung an d'Ursprongsland.

Duerch d'Unesco-Konventioun gëtt Lëtzebuerg an en internationaalt Instrument zur Bekämpfung vum illegale Kulturgiddertransfert agebonnen a steet domadder géigeniwwer deenen aneren europäesche Staten net méi isoléiert do.

D'Konventioun selwer gouf de 14. November 1970 duerch déi 16. Generalkonferenz vun der Unesco zu Paräis adoptéiert. Bis elo sinn hir 127 State bäigetrueden, wouvunner der 22 zur Europäescher Unioun gehéieren.

Dir Dammen, Dir Hären, d'Konventioun enthält zwee wesentlech Aspekter: ee Volet Preventioun, dee géint de Vol a géint d'Importatioun an d'Exportatioun vun illegale Bien-culturellë soll virgoen, an en zweete Volet vun der Restitutioun vu geklaute Gidder, deen hir Remise viséiert.

D'Unesco-Konventioun formuléiert zwar d'Grondprinzipien zum Kulturgidderschutz an zum internationalen Transfert, allerdéngs ass se net direkt uwendbar. Dat heescht, all Stat muss dës Konventioun op nationalem Niveau ëmsetzen an a säin nationaalt Recht integréieren.

Bei der Restitutioun vu geklaute Kulturgidder beschränkt sech d'Konventioun op déi, déi entweder inventariséiert sinn oder zum Beispill aus engem Musée geklaut goufen. D'Unesco-Konventioun riicht sech awer net direkt u Privatpersounen, mä verflicht d'Konventiounsstaten, juristesch an administrativ Mesuren zum Schutz vun de Bien-culturellen ze ergräifen. D'Bestëmmungen hunn deemno just tëschent de Vertragsstate Gültegkeet.

Entdeckt zum Beispill e Vertragsstat d'Aféierung vun engem geklaute Kulturgutt, esou muss dee gëeegent Mesuren zur Restitutioun a Remise vum Bien culturel huelen. Déi geklaute Saache mussen deemno saiséiert an dem Ursprongsland iwwert den diplomatesche Wee nees zréckgefouert ginn, wann eben dann d'Preuve virläit, dass dee Bien culturel zum Inventar vun enger bestëmmter Ariichtung gehéiert.

1995 gouf d'Unidroit-Konventioun geschafen, fir d'Unesco-Konventioun ze komplementéieren, well déi, wéi grad eben erkläert, als reng zwëschestaatlech Regelung keen Instrument fir d'Réckféierung vu geklauten a rechtswiddreg ausgeféierte Kulturgidder duerch Privatpersoune virgesäit.

Op dëser Plaz wëll ech awer och nach erwähnen, dass Lëtzebuerg schonns e puer juristesch Handhabungen huet. Eis Legislatioun zielt eng Partie Mesuren - besonnesch fir d'Bien-culturellen ze schützen -, wéi zum Beispill den Artikel 6 vum Gesetz vum 21. Mäerz 1966 iwwert d'Fouilles archéologiques, wou bei Infraktiounen zu dësem Artikel Strofe vun 251 bis 25.000 Euro a souguer Prisongsstrofe virgesi sinn.

Och brauch all Bien culturel, deen eng gewësse Valeur huet, eng Lizenz, fir iwwerhaapt kënnen exportéiert ze ginn. D'Detailer zu dësem Gesetz an och de betreffenden EU-Direktive fannt Der am Rapport.

De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, gouf virun zéng Joer déposéiert - de 7. September 2004 - a sechs Méint duerno scho vum Statsrot aviséiert. Do fält engem direkt op, dass dëse Projet nawell e laange parlamentaresche Wee opzeweisen huet.

De Statsrot ënnersträicht a sengem Avis d'Importenz vun engem gewësse Bewosstsinn vis-à-vis vun dëser Thematik an dass et wichteg ass, dass Lëtzebuerg hei seng Entschlossenheet markéiert, sech am internationale Kampf géint illegale Kulturgiddertransfert ze bedeelegen.

De Conseil d'État mécht sech allerdéngs och Gedanken iwwert d'Mesuren an d'Reglementer, déi geholl solle ginn, fir d'Dispositioune vun der Konventioun anzehalen. Als Prezisioun op déi Remarque kann ech dozou soen, dass am neie Patrimoinesgesetz, dat an der Maach ass, d'Mesuren, déi d'Konventioun virgesäit, sollen integréiert ginn. Dat erkläert iwwregens och de Retard vun dësem Gesetz, well dëse Projet de loi u sech sollt ursprénglech ebe mat der Reform zum neie Patrimoinesgesetz zesummen traitéiert ginn.

Nun, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapport gouf an der zoustänneger Chamberskommissioun de 14. Oktober unanime ugeholl an ech invitéieren Iech elo, wann ech gelift dat nämlecht ze maachen. Ech ginn op dëser Plaz dann och direkt den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Bofferding. Éischt Riednerin ass d'Madame Martine Mergen. Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Merci villmools. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Rapportrice an hirem exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport erkläert huet, stëmme mer haut dëse Projet iwwert de Schutz, den Import- an Exportverbuet an de Kampf géint den illegalen Handel mat kulturelle Gidder, an en fait stëmme mer d'Unesco-Konventioun zu dësem Sujet vum 14. November 1970.

D'Rapportrice ass am Detail op dës Dispositiounen agaangen. Si wäert nach misse vu legislative Prozeduren hei zu Lëtzebuerg suivéiert ginn a si kënnt just zur Zäit, zur Geleeënheet vun der Kreatioun vum Luxembourg Freeport, wou jo bekanntlech Konschtobjete solle kënne gelagert ginn.

Obwuel d'Konventioun also vun 1970 ass, ass se - esou wéi och meng Recherche erginn huet - aktuell wéi ni. A Syrien zum Beispill huet de Krich zu engem massiven Ausbroch vu Pillagen an illegale Fouillë gefouert. D'Objeten, déi gestuel ginn, fënnt een um illegale Schwaarzmaart oder bei private Sammeler erëm - wann ee se dann erëmfënnt. A Syrien sinn déi Gruppen, déi de Pillage maachen, gutt organiséiert an arméiert. Si si besonnesch ze fannen an der Géigend vun der Grenz, wou se d'Objete séier kënnen an en anert Land schafen.

Et ass erfreelech, dass sech an der Bevëlkerung a Syrien Fräiwëlleger fonnt hunn, déi den Autoritéiten, déi jo duerch d'Krichshandlungen oft iwwerfuerdert sinn, hëllefen, fir sech ëm hir lokal Kulturgidder ze bekëmmeren a se ze schützen. Esou huet eng Grupp aus engem klengen Duerf am Ramada-Dall e Mosaik aus dem 4. Jorhonnert erëmfonnt an en an den Nationalmusée zu Damaskus bruecht.

De Problem ass net nei: déi berühmtste Raiber sinn déi grouss Diktatoren an déi grouss Kolonialstate gewiescht. Den Napoléon, den Hitler, d'Englänner hunn an der Geschicht sech net gescheit, fir Souvenire vu Plazen ze drainéieren, déi se als Territoire conquis gesinn hunn.

Esou probéiert Ägypten säit Joren, déi berühmt Büst vum Néfertiti erëmzekréien, déi am Neie Musée zu Berlin steet, d'Pierre de Rosette, déi dem Champollion erlaabt hat, d'Hieroglyphen ze entzifferen, aus dem British Museum an eng Statu vum Ramses den II. aus dem Musée vun Turin. Griichenland reklaméiert d'Marbere vum Pantheon vum British Museum, a Venedeg hätt gär dem Veronese seng Hochzäit vu Kana vum Louvre erëm.

Et gëtt awer och méi rezent Beispiller. Wéi de President Chirac 1996 säi Gebuertsdag gefeiert huet am Elysée, krut e vu sengen enke Mataarbechter eng ierde Statu aus dem Mali geschenkt. D'Fotoe vun de Festivitéite goufen am „Paris Match" publizéiert a goufen do vum Conseil international des musées entdeckt. Den Objet war e puer Joer virdru bei illegale Fouillen am Mali saiséiert ginn an um Wee fir an de Musée zu Bamako ass en erëm gestuel ginn. Den Här Chirac huet no laangem Hin an Hier - no iwwer engem Joer - seng Statu erëm missen erausréckelen - dat zur Anekdot.

Aktuell ass et och a Russland, wou d'Revolutiounshären am massive Stil Biller aus private Kollektioune konfiskéiert hunn a wou d'Ierwe probéieren, déi Biller - Cézanne, Matisse, Van Gogh - erëm zréckzekréien. Ech mengen, dee bekanntste Pilleur war awer wuel den Obelix, deen - wéi Der alleguerte wësst - d'Nues vum Kleopatra zerstéiert huet an am Sand vergruewen huet. Dat war vläicht deen éischte Fransous, dee pilléiert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ursaach, firwat dass mer dës Konventioun eréischt haut an d'Chamber kréien, ass bekannt. Si war virun zéng Joer deponéiert ginn, an et ass, well virgesi war, se ebe mam Gesetz iwwert d'Protection du patrimoine ofzestëmmen.

An do wollt ech dann - d'Madame Bofferding huet et och schonn ugedeit - profitéieren, fir d'Kulturministesch ze froen, wou mer mam Gesetz dru sinn, well d'Etüd, déi hir Virgängerin ugefrot hat, elo virläit.

Dat gesot, brëngen ech Iech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Mergen. An den nächste Riedner ass den Här André Bauler.

M. André Bauler *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, datt op der Welt ëmmer méi Kulturgidder geklaut ginn. Experte schätzen de Wäert vun dëse Gidder op ëm siwe Milliarden Euro. Nom Drogen- an nom Waffenhandel - et ass elo just vun der Madame Bofferding gesot ginn - kënnt den illegale Commerce mat antike Gidder vum Emsaz hier op déi drëtte Plaz.

Et ginn awer net nëmme Konschtgéigestänn an der grousser wäiter Welt geklaut a verschleeft. Och hei zu Lëtzebuerg gouf et Fäll, wou historescht Kulturgutt engem Déifstahl zum Affer gefall ass. Ech wëll do un deen aus dem Ufank vum 16. Jorhonnert stamende Schnëtzaltor vun Helzen an der Gemeng Wëntger erënneren. 1976 gouf dësen Héichaltor an enger Augustnuecht d'Affer vun engem äusserst kecken Déifstahl. 80 Statuen a Figurinne sinn deemools an enger Nacht- und Nebelaktioun verschwonnen. Gott sei Dank konnten no enger Rei Woche bal all d'Holzfigure séchergestallt ginn.

Här President, Konscht a Kulturgidder ginn net geklaut, well d'Déif en ausgeprägte Sënn fir dat Asthetescht hätten, mä aus ganz banale Motiver: fir Gefaangener aus engem Prisong fräizepressen oder fir Drogeliwwerungen ze finanzéieren.

Mir all erënneren eis nach un déi dramatesch Stonne vum 11. September 2001 zu New York. Ee vun den Terroristen, de Mohamed Atta, hat eng Zäitche virdrunner probéiert, fir afghanesch Antiquitéiten an Däitschland ze verkafen, fir sech iwwert deen do Wee seng Formatioun als Pilot ze finanzéieren.

Al-Qaida huet sech no der Chute vum Saddam Hussein ähnlech finanzéiert. Ganz Muséeë sinn do geplëmmt ginn an et si Kulturgidder vun onschätzbarem Wäert fir ëmmer verschwonnen. Gläiches gëllt d'ailleurs jo och fir d'Hisbollah am Libanon.

Alles dat wousst déi éischt däitsch Televisiounschaîne de leschten 20. Oktober an enger Sendung mam Titel „Das geplünderte Erbe" ze berichten. Hei konnt een en iwweraus interessante Bericht verfollegen, dee sech mat geklauten Antiquitéiten aus dem Irak an aus Syrien befaasst huet.

„Un den antike Géigestänn aus dem Noen Oste pecht Blutt", dat war d'Ausso vun den Auteure vun dëser Dokumentatioun, dem Andreas Wolter an dem Volkmar Kabisch. Si recherchéiere schonn zanter véier Joer iwwert den illegalen Handel mat Antiquitéiten. Si hu gewisen, wéi ISIS a Co jordausendal Kulturgidder klaue bezéiungsweis op ëmmer an éiweg zerstéieren.

D'Journaliste vun der ARD hunn och gewisen, wéi geklaute Kulturgidder aus dem Land tëscht Euphrat an Tigris erausbruecht goufen, fir dann iwwer obskur Weeër bis op Dubai an e Freeport bruecht ze ginn. An dësem Freeport schéngt keen ze froen, wou dës antik Objeten hierkommen. Si ginn do tëschegelagert, fir dann iwwert de Séiwee an Europa transportéiert ze ginn, zum Beispill op München.

Kee Wonner, datt de Commerce mat Antiquitéiten zurzäit blitt. Do, wou Chaos, Krich an Zerstéierung herrschen, do, wou d'Anarchie de Rechtsstat ofléist, do, wou Onrecht d'Regel ass an dee Stäerkeren deene Schwaache säi Gesetz opdréckt, do ass alles méiglech. Do gëtt geklaut an zerstéiert, well et keng Grenze méi gëtt, déi kontrolléiert ginn.

A sengem Avis vum 22. Mäerz 2004 huet de Statsrot notéiert, datt mer hei zu Lëtzebuerg eng gewësse Lenteur hunn, fir international Instrumenter ze ratifizéieren. De Statsrot huet deemools vermut, datt Lëtzebuerg e gewëssene Manktum u Sensibilitéit huet par rapport zu de Froe vun deem Genre an datt ee sech net wierklech concernéiert gespiert huet.

Or, et ass essenziell, datt Lëtzebuerg un der internationaler Lutte géint d'Klauen an d'Verschleefe vu kulturelle Gidder participéiert. Et geet hei och ëm d'Reputatioun vun eisem Land. Ech wëll och drun erënneren, datt mer Mëtt September e Freeport beim Cargo Center um Flughafen ageweit hunn. Leider kann een ni ausschléissen, datt do eng Kéier Konschtgidder drënner sinn, déi aus dem illegalen Handel, aus dem illegalen Trafic kommen.

Beispiller gëtt et der leider genuch. Mir sinn als DP dofir frou, datt elo endlech e wichtege Schratt gemaach ginn ass an datt mer déi Unesco-Konventioun haut ratifizéieren. Voilà, dëst gesot, wollt ech der Rapportrice, der Madame Taina Bofferding, villmools Merci fir hire Rapport soen, dee mëndleche souwéi dee schréftlechen, an dann och heimat den Accord vu menger Fraktioun abréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Villmools Merci dem Här Bauler. Den nächste Riedner ass de Claude Adam, dee scho prett ass.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt der Rapportrice, der Madame Bofferding, Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. D'Madame Bofferding ass och kuerz drop agaangen, firwat datt mer dee Retard hunn. Et ass jo schonn e bësse speziell, wa mer eng Konventioun vun der Unesco vun 1970 ëmsetzen.

An interessanterweis huet och d'Madame Mergen engersäits gesot, datt déi Konventioun nach ëmmer ganz aktuell ass, a si huet dat och mat aktuelle Beispiller beluecht. Si huet vu Syrien geschwat. Ech mengen, do kéint ee praktesch all Krichsgebidder zitéieren, déi et gëtt. Op där anerer Säit huet se dunn och gefrot: „Majo, wéi ass et da mat deem Gesetz iwwert de Patrimoine culturel, wou dat sollt matbehandelt ginn?"

Ech mengen, dat gëtt och nach en Thema, mir kréie jo eng Interpellatioun duerno. Just och, Madame Mergen, fir Iech awer ze soen, och de Kolleege vun der CSV: Dat ass e Gesetz, wat vun engem CSV-Minister schonn 2000 déposéiert ginn ass a wou mer insgesamt 29 Chambersëtzungen haten a wou näischt geschitt ass! An ech sinn och effektiv frou, fir dann ze kucken, wou mer dru sinn. An ech huelen un, datt dat och nach en Thema bei der Interpellatioun duerno gëtt.

Den André Bauler huet aner flott Beispiller bruecht, och historesch Beispiller vu Lëtze-

bueg an och e bëssen iwwert déi effektiv héich Zommen, déi beim Konschtklau um Spill stinn. Ech mengen, dat dréit alles derzou bäi, datt mer eis wahrscheinlech hei wäerten eens sinn, datt et héich Zäit gëtt, fir déi Konventioun hei ze ratifizéieren.

Ech wëll just nach zwee Faite rappeléieren, déi eigentlech Faits divers sinn, mä déi awer trotzdeem eng gewëssen Importenz hunn, och wat d'Kultur an den Ëmgang mat der Kultur hei am Land betrëfft, an déi och ganz gutt bei déi Konventioun hei passen.

Dat eent, dat ass en Artikel am „Le Monde" vum 1. Oktober 2014. Do huet et geheescht: «Le Luxembourg, petit par la taille, grand par l'ambition artistique». An do ass et net ëm eng Ausstellung vum Steichen oder och net iwwer e Picasso gaangen, mä et ass effektiv - an et sinn och schonn zwee Virriedner, déi hunn et erwähnt - dorëm gaangen, datt mer e Coffrefort vun 22.000 m² no beim Findel kritt hunn, e Port franc.

Do war de 17. September 2014 d'Aweiung dovun. Ech mengen, dat ass eng Saach, déi ass fir Lëtzebuerg éischtens interessant, mä déi ass awer och mat verschiddenen... vläicht net Konditiounen, awer och mat verschiddene Saache verbonnen, déi eppes mat deem ze dinn hunn, wat mer den 10. November an der aussepolitescher Kommissioun diskutéiert hunn, nämlech Nation Branding.

A wa mer eis do net wëllen eng fänke goen... Mir haten den 10. November e bëssen iwwer Nation Branding diskutéiert. Mir ware séier fäerdeg, well mir hunn den Ordre du jour vu baussen octroyéiert kritt. Mir hu ganz vill iwwer LuxLeaks geschwat a ganz wéineg iwwer Nation Branding. Mir sinn awer der Meenung, Nation Branding, dat ass e Begrëff, woumat ee wëllt probéieren, engem Land e gewëssene Marketing, e positive Marketing, virun allem duerch eng gutt Press, duerch eng gutt Kommunikatioun ze ginn. An ech mengen, wann een déi zwou Saache matenee kombinéiert, dann ass dat einfach en Zeechen, datt et héich Zäit gëtt, datt mer esou eng Konventioun vun 1970 och ratifizéieren.

An domadder ginn ech dann den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. Als Nächsten huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Och am Numm vun der ADR e ganz grousse Merci un d'Madame Bofferding fir hire ganz komplette Rapport. Meng Virriedner hunn, wat de Grond vun dëser Saach ugeet, eigentlech schonn alles gesot. Duerfir just e puer Bemierkungen, déi eis elo speziell interesséieren, wa mer dëst Gesetz stëmmen. Virun allem: Wéi gëtt et ëmgesat?

D'Madame Bofferding hat jo och an hirem Rapport rappeléiert, datt dat Gesetz net directement, oder déi Konventioun net directement applikabel ass. Et kënnt also drop un, fir datt se effikass kann hei am Land benotzt ginn, datt elo déi néideg Gesetzer a Reglementer geholl ginn, fir se kënnen ze applizéieren. Duerfir eisen Appell un d'Regierung, fir dat ze maachen.

Zweetens musse mer och kucken, an ech mengen, d'Madame Bofferding huet dat och an hirem schréftleche Rapport ganz genee detailléiert, datt ratione materiae a ratione personae net alles ofgedeckt ass, wat kann an deem Beräich vum Konschthandel oder dem illegale Konschthandel geschéien. Duerfir ass et wichteg, ebe just fir de Ruff vun eisem Land ze protegéieren, datt mer deen Dispositif musse komplettéieren, fir datt mer als Land wierklech also net eis erëm exposéieren an der internationaler Press. Virwërf, déi mer net wëllen!

Dat Drëtt ass eppes, wat den Här Bauler och gesot hat a senger Interventioun, dat ass, datt mer d'Mëttel vun de Grenzkontrollen net méi hunn. Ech wëll duerfir rappeléieren, datt an den Ae vun der ADR cibléiert punktuell Grenzkontrolle solle méiglech sinn, fir géint verschidde Forme vu Kriminalitéit virzegoen, ënner anerem och géint dës Form vu Kriminalitéit.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR ginn, an nach eng Kéier e grousse Merci un d'Madame Bofferding. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An als leschte Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen, dee scho prett ass.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech fläisse mech, fir der Chamber matzedeelen, dass mer dës Konventioun aus dem Joer 1970 selbstverständlech stëmme wäerten.

De Statsrot entbiert net enger gewëssener Ironie, wann en hei vun enger „certaine lenteur" schwätzt. E schwätzt och vun engem „manque de sensibilité" fir déi Problematiken hei. Ech mengen, dass e sech do iert. D'Regierung ass net insensibel, wann et drëm geet, fir den Image vu Lëtzebuerg - Nation Branding, géif den Här Adam soen - hei ze verteidegen am Kontext vun deem neie Freeport, dee mer elo kréien. Et ass och schonn hei erwähnt ginn.

A vu dass an der ganzer Welt bekannt ass, ëm wat et sech do handelt bei deene Freeporten, dass dat am Fong geholl déi Plazen op der Welt sinn, wou déi grëisst Akkumulatioun vu Konscht wahrscheinlech haut ass, méi grouss wéi se a Muséeën hänkt, ass et natierlech gutt, wann een elo just mat 150 Gäscht dee pompöse Bau do ageweit huet, fir dann awer och ze manifestéieren no baussen, dass een awer elo endlech d'UNO-Konventioun unhëlt.

Mir froen eis allerdéngs och - wéi de Statsrot och -, wat de konkreten Impakt wäert sinn, zum Beispill op dee Freeport. Ech mengen, et kann ee roueg soen: Keen, et ass keen Impakt! De Statsrot wërft och déi Froen op.

Wat ass, wann zum Beispill esou Bestëmmungen hei an där Konventioun stinn, wéi: «empêcher, par tous moyens appropriés, les transferts de propriété de biens culturels tendant à favoriser l'importation ou l'exportation illicites de ces biens»? A wann ech da liesen, wat den Här Gramegna an deem Kontext gesot huet, eise Finanzminister: «Le Luxembourg a adopté un cadre législatif robuste afin d'assurer une traçabilité totale de tous les biens entreposés dans le Freeport», da kann een natierlech soen, dass dat natierlech falsch ass, guer net stëmmt!

Déi eenzeg Traçabilitéit, déi do ass, betrëfft eng gewësse Kontroll vun der TVA-Verwaltung, déi natierlech noutwendeg ass an esou engem Kontext, wou jo Gidder solle stationéiert ginn, op deene keng TVA läit, soulaang se an deem Freeport do sinn, wou awer wuel d'TVA erhuewe gëtt, wa se aus deem Freeport erëm erauskommen.

Déi eenzeg Traçabilitéit, op déi ee sech kann hei och an dësem Gesetz beruffe vun 1971 iwwert d'TVA, dat ass natierlech en matière de TVA, net en matière vu Konschtraub, ëm deen et hei geet. Dat heescht, et ass schonn e puermol hei gesot ginn: Déi Konventioun vun der UNO, soulaang se net duerch e Gesetz ëmgesat gëtt, huet null Wäert, ausser e symbolesche Wäert!

A mir hoffe wierklech, dass déi néideg legislativ Basis dann och wäert kommen. Mir sinn der Meenung, si hätt och scho missen direkt mat deem Projet hei zesumme kommen, fir dass een och wéisst, wéi dat hei ëmgesat gëtt. Et gëtt geschwat vun enger Loi iwwert de Patrimoine. Déi hätt missen hei mat zum Vote stoen, menge mir.

Et kann een och natierlech, wéi verschidde Riedner dat gemaach hunn, vu Freeporten iergendwou an der Welt schwätzen. Déi grouss Zeitung „Zeit" huet geschriwwen, ënnert dem Titel „Im Bunker der Schönheit"... A wann ee weess, wéi de Freeport och tatsächlech ausgesäit, a wann ee weess, wéi aarm d'Kulturpolitik am Land ass a wéi se nach soll zesummegestrach ginn, da kann ee sech jo nëmme schudderen, wann ee liest „Im Bunker der Schönheit"!

Mä wat seet d'„Zeit" iwwert déi Geschäfter, déi do am „Bunker der Schönheit" geschéien? Si seet: „Deshalb sind die Geschäfte über die legalen Freihäfen äußerst beliebt bei Sammlern, Kunsthändlern und Auktionshäusern: Anders als auf Auktionen wird ein Besitzwechsel nicht öffentlich bekannt. (...) Das erschwert Ermittlern das Aufdecken von Geldwäsche, Steuerhinterziehung oder Fälschungen." An et kann een nach natierlech derbäisetzen „Konschtklau", ëm deen et jo hei geet.

Duerfir ass et ganz wichteg, dass déi néideg gesetzlech Basis kënnt. Mir hunn zwar eng EU-Direktiv ëmgesat an engem Gesetz, mä dat ass just eng legal Basis, fir Poursuitten ze maachen op Demande vun de Staten, also vun aneren EU-Staten. Mä et ass keng Basis zum Beispill, wann Demandë kommen aus Drëttlänner, déi näischt mat der EU ze dinn hunn an déi awer och ganz dacks concernéiert si vu Konschtklau, Länner aus der Drëtter Welt, wou déi Konschtwierker ganz dacks hierkommen, vun deenen hei geschwat gëtt.

An et gëtt och keng legal Basis hei fir Recourse fir eenzel Leit, déi léséiert si vun esou engem Konschtraub. Dat ass och net virgesinn. Déi UNO-Konventioun hei betrëfft nëmmen Aktioune vu State géint aner Staten.

Et gëtt eng aner Konventioun, och vun der Unesco, déi heescht „Unidroit", déi och esou Recourse vu Privatleit virgesäit. A Lëtzebuerg huet déi emol net ënnerschriwwen, geschweige da ratifizéiert.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Urbany. Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun an d'Regierung huet d'Wuert, fir ze äntwerten. D'Madame Kulturministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.*- Här President, Dir Dammen an Hären, fir d'Éischt: Och ech soe Merci fir den exzellente Rapport vun der charmanter, honorabeler Madame Bofferding. Wann e Mann dat net seet, da soen ech et. An och Merci fir meng Virriedner.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, dëse Projet de loi iwwert d'Approbatioun vun der Unesco-Konventioun zur Bekämpfung vum illegalen Trafic vu Kulturgidder ass e Projet de loi, dee schonn 2004 déposéiert gouf - mir hunn et elo e puermol héieren - a leider säitdeem ni adoptéiert ginn ass. Mä schonns a sengem Avis vun 2005, an ech wëll en eng Kéier virliesen, huet de Statsrot Folgendes geschriwwen: «Le Luxembourg dénote une certaine lenteur à ratifier les instruments internationaux en la matière, alors qu'on constate un manque de sensibilité aux questions de ce genre et un sentiment de ne pas être véritablement concerné.»

Dëst betreffend, wënschen ech mir e Mentalitéitswiessel an eng Prise de conscience heibanne souwuel wéi och dobaussen, datt et wichteg ass, den illegalen Trafic vu Kulturgidder ze bekämpfen. Et ass tatsächlech esou, datt et och haut nach op internationalem Niveau en organiséierten Trafic respektiv Kriminalitéit gëtt ronderëm Kulturgidder. Besonnesch betraff a menacéiert si Kulturgidder, déi aus Krichsgebidder stamen, wéi Ägypten 2013 oder Afghanistan oder och awer den Irak.

Deemno hunn ech dëse Projet de loi erëm frësch op de Leescht geholl, fir datt Lëtzebuerg dës Unesco-Konventioun vun 1970 zur Bekämpfung vum illegalen Trafic vu Kulturgidder esou séier wéi méiglech ratifizéiert, an dëst och, well dëst déi wichtegst international Konventioun ass, déi Regele gëtt en matière vun Importatioun an Exportatioun vu Kulturgidder, an och als solch vun der grousser Majoritéit vu Länner ratifizéiert gouf - 127 Staten, hu mer héieren, sinn Deel vun der Konventioun, a Lëtzebuerg ass dat eenzegt europäescht Land mat Éisträich an „Estonien", wat dës Konventioun nach net ratifizéiert huet -, well et awer och esou ass, datt et mat der Ouverture vum Port franc sécherlech zu engem Zouwuess kënnt, wat d'Importatioun an d'Exportatioun vu Kulturgidder un eise Grenzen ugeet, a mir heifir net nëmmen e steierlechen an e finanztechnesche Kader brauchen, mä och e legale Kader, wat de kulturellen Aspekt ugeet, a well Lëtzebuerg och heimadder um internationale Plang e Signal setzt, datt eis d'Bekämpfung vum illegalen Trafic mat Kulturgidder wichteg ass.

Mä zréck awer zum Contenu vun der Unesco-Konventioun vun 1970, déi also als Objektiv d'Bekämpfung vum illegalen Trafic huet, dat heescht souwuel den Import an den Export wéi och all Vente vu Kulturgidder, an dëst an zwee Voleten agedeelt, éischtens, e Volet iwwert d'Preventioun vum illegalen Trafic vu Kulturgidder mat:

- Aféierung vun engem Zertifikat, datt d'Exportatioun vum Kulturgutt autoriséiert ass vun deem Export-Mitgliedstat vun der Konventioun;

- Aféiere vu verschiddene Mesuren, déi d'Importatioun vu Kulturgidder concernéieren, wéi d'Obligatioun fir e Musée, fir e Mitgliedstat ze informéieren, falls en illegal exportéiert Kulturgutt dem Musée proposéiert gëtt, oder awer de Verbuet, fir geklaute Kulturgidder ze importéiere fir zum Beispill e Musée;

- Obligatioun fir d'Marchands d'art, fir e Regëster ze halen iwwert den Origine vun de Kulturgidder, an

- Kreatioun vun de Services de protection du patrimoine nationaux, déi sech ëm d'Ausschaffe vu Gesetzesentwërf bekëmmeren, ëm d'Opsetzung vun engem nationalen Inventaire vu geschützte Kulturgidder an déi eng éducativ a pädagogesch Missioun erfëllen.

An dann deen zweete Volet iwwert d'Restitutioun vun de geklaute Kulturgidder: Esou mussen d'Memberstate vun der Konventioun Mesuren huelen, fir e geklautent Kulturgutt ze saiséieren an ze restituéieren, an dëst op Demande vun engem anere Memberstat vun der Konventioun hin. Dëse Memberstat muss awer eng Indemnité équitable un de Keefer vum concernéierte Kulturgutt bezuelen, ënnert der Konditioun, datt dësen de bonne foi ass. Dës Demandë ginn iwwert den diplomatesche Wee an d'Konventioun ass hei net direkt applikabel.

Och wann dës Unesco-Konventioun also nëmmen iwwer eng Coopération interétatique leeft an haaptsächlech Kulturgidder concernéiert, déi aus Muséeën oder Monuments publics geklaut goufen, huet dës Konventioun hiren Objectif iwwert d'Joren hin erfëllt, well vill Länner, dorënner och Drëttweltlänner, eng Reglementatioun an dëser Matière adoptéiert hunn.

Heizou muss ee wëssen, datt dës Konventioun an de 60er Joren négociéiert gouf, wou et drëms goung, ze verhënneren, datt Kulturgidder, déi zum Beispill aus illegale Fouillen aus deene Länner gestaamt hunn, de Muséeën an de Privatcollectionneuren zum Kaf proposéiert géife ginn. Well an Tëschenzäit esou eng grouss Prise de conscience bei de Staten ass, datt nieft där legaler Obligatioun vu Restitutioun vu Kulturgidder och ëmmer méi en Devoir moral vu Restitutioun besteet, geléngen iwwert dëse Wee regelméisseg Restitutiounen, wou et juristesch am Fong schwiereg gewiescht wier.

Et ass also héich Zäit, datt Lëtzebuerg dës Unesco-Konventioun vun 1970 ratifizéiert, och wa mir an eiser nationaler Legislatioun scho Mesuren iwwert den Import an Export vu Kulturgidder hunn, zum Beispill de Certificat d'exportation fir Objets mobiliers d'intérêt culturel, déi méi wéi honnert Joer hunn a wou d'Auteure säit méi wéi 50 Joer dout sinn, zweetens den Exportverbuet vu klasséierten Objets mobiliers an drëttens d'Licence d'exportation vu Kulturgidder, an dann d'Restitutiounsprozedur vu Kulturgidder, déi als Trésors nationaux qualifizéiert sinn an déi illegal den Territoire vun engem europäesche Memberland verlooss hunn. Dëst ass an engem Gesetz vum 9. Januar 1998 virgesinn an ass am Fong eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv vum Mäerz 1993.

Wat fir eng sinn déi nächst Schrëtt an Etappen, déi mer wëlle maachen? Mir wëllen an engem nächste Schrëtt an am Kader vum Gesetz iwwert d'Protection du patrimoine méi wäit goen an och Elementer aus der Unidroit-Konventioun vun 1995 an d'Gesetz afléisse loossen.

Zu dem Projet de loi vum Patrimoine wollt ech just soen, datt mer, nodeems mer d'Etüd Desseilles hei virleien hunn, elo amgaange sinn, e ganz neie Projet de loi ze schreiwen. D'Etüd Desseilles ass jo presentéiert ginn, läit vir an ass der Kulturkommissioun schonn eng Kéier virgestallt ginn. An ech mengen, soubal wéi mer do méi genee virukomm sinn, wat deen heite Projet de loi ugeet, wier ech dann och frou, wann ech dat kënt eng Kéier der Kommissioun virleeën.

Zréck zu der Unidroit-Konventioun. En effet ass dës Unidroit-Konventioun vun 1995 komplementaresch zu der Unesco-Konventioun vun 1970 a gesäit Regele vir vum Droit privé, fir d'Restitutioun vu Kulturgidder och tëschent Privatpersounen ze erméiglechen.

A weider am Sënn vun der Bekämpfung vum illegalen Trafic mat Kulturgidder wäert ech an deenen nächste Wochen de Regierungsrot saiséiere fir d'Approbatioun vun engem Projet de loi, deen d'Direktiv 2014/60 vum 15. Mee 2014 relative à la restitution de biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un État membre et modifiant le règlement n°1024 vun 2012 an déi national Gesetzgebung transposéiert.

Ech kann also nëmmen ënnersträichen, wéi wichteg de Vote vun dësem Projet de loi fir d'Approbatioun vun der Unesco-Konventioun ass, an lech och versécheren, datt ech am Sënn vun där Prise de conscience, déi ech am Ufank ugeschwat hunn, dru schaffe wäert, fir déi international Konventiounen am kulturelle Beräich esou séier wéi méiglech ze ratifizéieren.

Merci fir, ech géif mengen, eng breet Zoustëmmung a Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Minister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5377 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5377 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi ass mat 60 Stëmmen, also unanime, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth,

Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Interpellatioun vum Claude Wiseler iwwert déi zukünfteg Orientéierung vun der Kulturpolitik vun der Regierung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Fir déi, déi sech nach net ageschriwwen hunn: Et ass nach Zäit.

An direkt huet de Claude Wiseler d'Wuert.

4. Interpellation de M. Claude Wiseler sur l'orientation future de la politique culturelle du Gouvernement

Exposé

M. Claude Wiseler *(CSV), interpellateur.-* Villmools Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi esou oft ass och an dësem Sujet d'Regierung ugetruede mat ganz, ganz groussen Usprëch: mam Usproch, alles anescht ze maachen, an haaptsächlech an deene leschte Méint schéisst d'Kulturministesch sech drop an, fir opzeweisen, wéi anescht si alles mécht wéi hir Virgängerin an haaptsächlech, wéi besser si alles mécht wéi all hir Virgänger! Dat mat ganz, ganz vill Energie!

Ech hunn en Titel an der Press gelies, dee mer gutt gefall huet, grouss Iwwerschréft: „Kulturministerin Maggy Nagel will der Kultur ein neues Gesicht verpassen". Do hunn ech gestaunt, wéi ech dat gelies hunn, a mech gefrot: A wat fir engem Sënn ass dat - um éischten, zweeten, drëtte Grad? -, wou dat do gemengt ass?

Mä op jidde Fall an den Aussoen, déi an der leschter Zäit gemaach gi sinn, stellt ee fest, datt dat, wat si seet, einfach den Ausdrock ass dovun, datt alles soll anescht ginn: „Keng Géisskanepolitik", dat hutt Der och nach gëschter oder virgëschter gesot, Transparenz, Diskussioune mam Secteur, kloer Richtlinnen, wou Subside sollen hifléissen, ophéiere mat Prunkbauten, dat wär net dat, wat Lëtzebuerg géif brauchen, e Ministère, wou d'Leit erëm mat der Ministesch ënnerenee géife schwätzen an haaptsächlech eng Politik mat vill Courage. Wat dat och ëmmer heescht: vill Courage elo an der Kulturpolitik hunn! Dat sinn déi grouss politesch Zilsetzungen: Alles anescht ze maachen, wéi et virdru war. An dat gëtt säit engem Joer dauernd a mat vill Energie gesot.

Elo soen ech Iech: Mir gleewen Iech dat! Dir wëllt alles anescht maachen. Mä ech soen awer och hannendrun: Mir hätten dann och gär, wann Der wëllt alles anescht maachen, datt Der et och elo beweist, datt Der déi Saache maacht an et net just sot! Dir sot och nach, Dir géift de Regierungsprogramm wëllen ëmsetzen.

(Interruptions)

Da muss een et elo maachen! Da muss een et elo maachen, well ech hunn dee Regierungsprogramm nach eng Kéier am ganzen Detail duerchgelies an ech muss soen, an deem Regierungsprogramm ass ganz villes dran, wat d'Kontinuitéit bedeit vun där Kulturpolitik, déi an deene leschte Jore vun dem Här Biltgen, vun der Madame Modert gutt gemaach ginn ass. Ganz vill Kontinuitéit dran! An dofir soen ech, datt an deem Regierungsprogramm eng ganz Rei Saache stinn, déi mir och kënnen deelen, mat deene mir och kënne liewen.

Da wëll ech der emol e puer hei opzielen: d'Opstellung vun engem Kulturentwécklungsplang, d'„assises culturelles annuelles" mat enger „structure légère de consultance" hannendrun, d'Ausschaffe vun engem „concept de gouvernance culturelle", den Audit vum Kulturministère, d'Éducatioun, d'Formatioun, d'Konditioune fir d'Kaderen a fir d'Artisten, den „Espace culturel" vun der Groussregioun mat „bureau de promotion", fir Promotioun ze maachen, och déi international Promotioun weider ze férderen, d'komplett Reevaluatioun vun de Konventiounen, d'Infrastrukture weiderféieren an haaptsächlech nei Infrastrukture schafe fir Museker, Dänzer a Leit aus der Theaterwelt, fir Repetitiounen ze maachen, an esou weider. Zilsetzungen, déi mer mat Nuancen, mä awer zum groussen Deel evidenterweis akzeptéieren, well dee Wee scho vun Äre Virgänger, och wann Der et elo anescht dobausse sot, mä vun Äre Virgänger a Virgängerinnen ugefaange gi war.

Wat stelle mer awer haut fest, wat an deene leschte Méint an der Kulturpolitik geschitt ass a wat haaptsächlech gesot ginn ass an ëm wat fir eng Sujeten d'Kulturpolitik sech an deene leschte Méint, wa se dann an der Press war, gedréit huet? Ech erënneren un déi peinlech Diskussiounen iwwert d'Ofsoe vun der China-Tournée vun dem OPL aus finanzielle Grënn. Ech erënneren un déi peinlech Ofso vun enger historescher Ausstellung iwwert den Éischte Weltkrich. Deen éischte Punkt huet d'Kredibilitéit vun eis, vun eiser Kulturpolitik mat a Fro gestallt. Deen zweeten huet d'Opschaffe vun eiser Geschicht an haaptsächlech vun där vum Éischte Weltkrich - wat net gemaach gi war a wat hätt solle gemaach ginn - awer och wesentlech a Fro gestallt.

Ech erënneren och un déi Kommunikatiounsdebakelen, déi bei deem engen a bei deem anere Sujet stattfonnt hunn. Ech erënneren och, drëttens, un d'Résiliatioun, déi unilateral Résiliatioun vun de Konventioune mat dem sämtleche konventionéierte Secteur aus der Kultur. Ech erënneren un déi ugekënnegt Fusioun vu Mudam a Casino um Horizont 2018, aus finanzielle Grënn ugekënnegt - ech kommen duerno nach eng Kéier dorop zréck.

Ech erënneren un de Budget 2014 - a wéi mer doriwwer geschwat hunn, hate mer schonn eng Diskussioun do driwwer -, an deem déi ganz Subside fir d'Konventioune stagnéiert hunn, op deemselwechten Niveau bliwwe sinn, wëssend awer, datt d'Gehälter an d'Luucht gaange sinn, wat also als Konsequenz automatesch hat, datt d'Inhalter schonn an dësem Joer en tant que tel hu missen erofgeschrauft ginn.

Ech erënneren och un de Budget 2015, deen, wann een e vergläicht, gradesou wéi de Budget 2014 säit den 90er Joren deen éischte Budget ass, deen ënnert d'Mark vun engem Prozent, dee mer eis awer als Zilsetzung an deene leschte Jore geholl haten, gefall war. Ech erënneren un déi Spuermoossname vun 3,7 Milliounen, déi Der ugekënnegt hutt fir 2015, wat iwwer 6 Millioune pro Joer sinn - all Joers! -, déi am Pluriannuel elo opgezielt ginn.

Wann een also an der leschter Zäit vu Kulturpolitik gehéiert huet, da war dat an negativ geluedene Gespréicher, an an negativ geluedene Gespréicher, déi sech ëmmer an ëmmer ronderëm d'Finanzen a ronderëm d'Spuere gedréit hunn. Ech wëll awer hei net just Iwwerleeunge maache ronderëm déi budgetär Spuermoossnamen. Ech wëll zréck zum Regierungsprogramm kommen, well dat, wat am Regierungsprogramm steet, fir d'Kulturpolitik a mengen Aen awer wichteg a wesentlech ass.

Dat Éischt, dat ass de Kulturentwécklungsprogramm, dee versprach ginn ass an dee sollt eng ambitionéiert, esou steet et do, eng ambitionéiert Analys sinn, fir Richtungen, Zukunftsrichtungen, Zukunftsvisiounen an der Kulturpolitik ze entwéckelen. Bis elo hunn ech - ech ire mech vläicht, da sot Der eis de Contraire -, mä bis elo hunn ech näischt héieren doriwwer, net nëmmen an der Press näischt héieren, mä och net, wann ee mat de Leit aus dem Secteur schwätzt, déi awer missten implizéiert sinn, wa mer iwwer e Kulturentwécklungsprogramm schwätzen.

A mengen Aen, an eisen Aen, wär awer eng extrem kohärent Démarche noutwendeg. An esou engem Kulturentwécklungsprogramm misste sech wichteg Froe gestallt ginn, wichteg Froen, fir ze kucken, wéi d'Kulturpolitik an deenen nächste Jore soll gemaach ginn. Froen zum Beispill iwwert dat: Wéi ginn ech mam Publikum ëm? Wat maachen ech hei zu Lëtzebuerg als Kulturopféierungen an haaptsächlech, fir wie maachen ech se? Wéi kréien ech Publikum? Wéi kréien ech Interessenten an déi Opféierungen, an déi Virstellungen an an all déi Manifestatiounen, déi vun der Kulturwelt gemaach ginn?

Mir hunn extrem vill Ugeboter hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn eng héich Qualitéit vun Ugeboter zu Lëtzebuerg. Mä wa mer awer kucken, wéi vill Prozent vun de Leit vun deenen Ugeboter profitéieren - 10% vun de Leit, gëtt gesot -, da soe mer, datt do nach Potenzialitéiten dra sinn. Wéi kréien ech dat eent an dat anert iwwereneen? Wéi kréien ech dat Publikum mat eisem Ugebot besser „gematcht", wéi een dat op Neilëtzebuergesch seet?

Den zweete Punkt, dat ass Éducatioun zur Kultur. Wéi gëtt se an de Schoule gemaach? Déi grouss Iwwerleeung, wéi ech dat uginn, wéi ech weiderkommen, datt ech och ka jonk Leit fir d'Kultur interesséieren an haaptsächlech doduerch mer och fir déi nächst Joren a Jorzéngten e Publikum schafen, wat fidéliséiert gëtt an der Lëtzebuerger Kulturwelt, an der Lëtzebueger Kulturzeen.

Drëttens, eng Fro, déi ee sech muss stellen an esou engem Kulturentwécklungsprogramm, dat ass déi, wéi ech meng Kultur, déi, déi ech maachen, déi hei geschafe gëtt zu Lëtzebuerg vun all deenen Artisten a Kënschtler, déi mer hunn, wéi ech déi an eis Lëtzebuerger Gesellschaft aschreiwen. Wéi ass se kohärent mat der Lëtzebuerger Gesellschaft? Wéi profitéieren ech vun am Fong enger Multitude vu Kulturen, déi hei zu Lëtzebuerg präsent sinn, fir do eis Gesellschaft wuessen ze loossen, méi opzemaachen? Wéi kréien ech déi multikulturell Gesellschaft besser gewisen, besser an d'Fënster gestallt? Wéi kann ech och d'Kultur benotzen, fir Integratioun hei zu Lëtzebuerg ze maachen, fir d'Akzeptanz vun der Multikulturalitéit méi grouss opzemaachen?

Alles dat si Froen, déi ee sech sollt, déi ee sech misst an engem Kulturentwécklungsprogramm stellen.

Déi véiert Serie Froen, dat ass: Wéi maachen ech d'Promotioun vun den Akteuren, den Agent-culturellen? Wéi kréien ech déi Professionalisatioun, déi säit zéng, 15, 20 Joer ëmmer méi amgaang ass, wéi kréien ech déi weidergedriwwen? Wéi kréien ech se ofgeséchert? Wéi kréien ech domat och deelweis d'Qualitéit vun eiser Kultur oder déi dreiwend Kräften, wéi kréien ech déi besser encadréiert, besser weidergeférdert?

Wat ass den Impact économique vun der Kultur? An ech wëll dat net als Haaptfro stellen, mä als Niewefro. Mä trotzdeem ass et eng Fro, déi ee sech och muss iwwerleeën.

Wéi kréien ech - well ech Aménagement-du-territoires-Minister fréier war - den Aménagement du territoire culturel och hin? Wéi sinn eis Strukturen iwwert d'Land opgedeelt? Mir hunn der immens vill! Si se richteg opgedeelt, kréie mer se och richteg ausgenotzt, esou, wéi mer se elo schonn hunn? Wéi ginn ech mam Patrimoine ëm? Alles dat si Froen, déi sech kënne gestallt ginn.

Eng aner Serie Froen, dat ass: Wéi maachen ech d'Promotioun vun eisen Acteur-culturellen am Ausland? Wéi hëllefen ech hinne weider, datt se hir Produktiounen net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä och am Ausland kënne weisen, do ukommen, do weiderkommen? Och dat ass wesentlech. A wéi kann ech domat eist Bild, eist Bild vu Lëtzebuerg am Ausland verbesseren?

Dat ass en ugekënnegten Exercice, dee fir eis wesentlech ass, vun deem ech awer einstweilen, no engem Joer Regierungsaarbecht, nach näischt héieren hunn a wou ech gär hätt, wou ech et einfach sënnvoll fannen, wou et misst sinn, datt mer deen esou schnell wéi méiglech weiderbréngen. Deen hëlleft eis nämlech - an dat ass dat, wat ech haaptsächlech wëll soen - ze definéieren, wat d'Héicht vun de Moyenen, déi mer an d'Kultur stiechen, soll sinn, an haaptsächlech, wou mer se an deenen nächste Jore sollten drastiechen a wéi mer se sollten drastiechen.

Déi Visioun, déi doraus soll entstoe fir d'Zukunft, déi Visioun muss definéiert ginn. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg vill Kreativitéit. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg vill Talent. Mir mussen eng Visioun kréien, wéi mer déi Kreativitéit an dat Talent an deenen nächste Joren och zilgerecht geférdert kréien, wéi mer weiderkommen.

Datselwecht gëllt d'ailleurs fir d'Assises culturelles annuelles, déi och am Regierungsprogramm ugekënnegt sinn. Mä fir mech sinn d'Assises culturelles, wa se da stattfannen, net just een oder zwee Deeg, wou diskutéiert gëtt, wou duerno eng Ofschlossried gehale gëtt an dann e Cocktail hannendrun ass! Mä da musse se, wann et wëllt sënnvoll sinn, uerdentlech virbereet sinn, mat deenen Zilsetzungen, déi mer wëllen domadder erreechen. Et muss eng Diskussioun stattfannen an dann haaptsächlech Konklusioune stattfannen an en Aktiounsprogramm doraus gemaach ginn, deen eis hëlleft weiderzekommen.

An deen Aktiounsprogramm kann net sinn - an och dat steet an Äerem Regierungsprogramm -, ouni datt mer, an Dir ëmschreift et, eng „structure légère de consultation (veuillez lire: de consultance)" ronderëmsetzen, déi eis hëlleft ze verifiziéieren, datt dat, wat zesummen décidéiert gëtt, och duerno an d'Realitéit ëmgesat gëtt. Ech kann net op alles agoe vun deem, wat am Regierungsprogramm steet, mä déi do Saachen, déi schonn deelweis ugefaange gi waren ënnert der leschter Regierung, mengen ech, mussen esou schnell wéi méiglech an d'Realitéit ëmgesat ginn.

An da kommen ech op deen nächste Punkt, dat ass dee vum konventionéierte Kulturberäich, well Dir hutt Mëtt des Joers all déi Konventiounen, déi an deem Beräich waren, gekënnegt.

Fir mech ass d'Aart a Weis, wéi Der dat déizäit gemaach hutt - a mir hu schonn hei an der Chamber an der Kommissioun doriwwer geschwat -, absolut onverständlech, well Dir hutt déi Associatiounen alleguer virun e Fait accompli gestallt, an ech fannen dat inakzeptabel, haaptsächlech inakzeptabel, well ee jo weess, wéi am Kulturberäich d'Programmatioun gemaach gëtt. Do gëtt eng Programmatioun gemaach, déi net vun engem Mount op deen anere gemaach gëtt, mä oft een, zwee, dräi Joer, véier Joer am Viraus! An dann de Leit Mëtt 2014 ze soen, datt Der net méi wësst, ob 2015 an haaptsächlech wéi 2015 hir Konventioun weidergefouert gëtt, ass natierlech fir déi Leit e Problem! Wa se net wëssen, a wat fir eng Richtung et gëtt! Dofir fannen ech, datt dat eng Aart a Weis ass fir ëmzegoen, déi net korrekt ass.

Datt d'Konventiounen, an dat soen ech och ganz gär, regelméisseg mussen iwwerkuckt ginn, dat fannen ech okay.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV), interpellateur.-* Datt een also och regelméisseg muss mat den Associatioune sech dohinner setzen, fir ze kucken, ob nach alles an der Rei ass, fannen ech normal.

Mä ech wëll awer just soen, datt, wann Der se kënnegt, da muss een awer den Associatiounen eng Chance ginn, fir hir Programmatioun vum nächste Joer am Grëff ze halen. Da muss een hinnen awer soen, mat wat fir Zilsetzungen ee se kënnegt a wéi ee wëllt weiderfueren an deenen nächste Méint.

Dir hutt e Questionnaire erausgeschéckt, wou Der eng Zort Autoevaluatioun frot. Ech verstinn och, wat domadder gemengt ass. Deen Exercice kann, an dat muss ech och éierlech soen, a mengen Aen, ganz nëtzlech sinn, esou eppes ze maachen, mä et gëtt awer an deem Kontext, wou mer haut sinn, a mat deenen Aussoen, wou en an der Regierung begleet gëtt, esou interpretéiert, datt en an e Budgetskontext gesat gëtt. An Dir sot selwer, et ass fir kee finanziellen double Emploi ze maachen, wou mer dat elo emol alles wäerten iwwerpréiwen.

An ech wëll just soen, wann een esou eng Evaluatioun mécht, da fannen ech, datt ee se awer net just eleng soll an de finanziellen, budgetäre Kader, da muss ee se och an de Kader stelle vun deem: Wat wëllt ee kulturpolitesch erreechen? Wat fir eng Visiounen hunn ech? A wéi soll dat kulturell weidergoen? An elo ass d'Fro: Wat geschitt dann elo domadder? A wéi geet et an deenen nächste Jore weider?

Esou huet een d'Impressioun, datt déi Evaluatioun net gemaach gëtt, fir eng Reflexioun iwwert d'Kulturpolitik ze maachen, mä vu Verschiddenen, well se an dee budgetäre Kontext gestallt gëtt, als eng Zort Iwwerliewensexercice, fir elo déi richteg Äntwerten ze ginn, fir eng Konventioun nach weider ze kréien.

Ech stellen hei fest, datt am Secteur richtegt Gewulls an Onsécherheet kreéiert ginn ass. Onsécherheet fir d'Personal, déi wierklech net wëssen, wéi et an deenen nächste Jore weidergeet. Dat ass eppes, wat d'Kulturzeen net gebrauche kann. Well der Kulturzeen muss een Zäit ginn. Zäit ginn, fir ze programméieren, an och Rou ginn, fir déi Programmatioun uerdentlech ze maachen.

Dir hutt e Kalenner ugekënnegt. Dir hutt am Ufank gesot, virun dräi, véier Méint, Dir hätt dat alles gär fir 2015 fäerdeg an da sollen déi nei Konventioune stoen. Elo - mä dat sot Der eis duerno - heescht dat schonn 2016? Wann et 2015 wär, froen ech mech... Dat ass elo nach a sechs Wochen, dat ass en onméigleche Kalenner! Ech weess net, wéi Der dann nei Konventioune mat engem neien Inhalt nach iwwerhaapt wëllt hikréien. Wann et eréischt 2016 ass, da froen ech mech, firwat Der se 2015 gekënnegt hutt, wann Der elo déiselwecht weiderfuert, an dann 2016 se nach eng Kéier kënnegt oder just momentan fir ee Joer maacht.

Ech fannen, déi Aart a Weis ass richteg problematesch, well weder an dëse Méint nach an deem nächste Joer wëssen eng Rei vun den As-